



N°223
Entrée le 23.01.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 23.01.2024

Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23. Januar 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Am Moment triede geheet Fäll vu Keuchhusten (Bordetella pertussis) hei zu Lëtzebuerg op. Dëst ass eng héichustiechend Krankheet, déi virun allem bei Puppelcher liewensgeféierlech ka ginn a bei eelere Leit zu engem Kliniksopenthalt féiere kann. Et gëtt e Kombiimpfstoff, dee géint dës Bakterie, an och nach géint Diphtherie, Tetanus, Polio, Hepatitis B an Haemophilus influenzae, schützt. Well de Schutz awer net liewenslaang ass, sollen dono reegelméisseg Oprëschnge gemaach ginn (bei Erwuessenen all 10 Joer).

An dësem Kontext géing ech der Regierung gär folgend Froe stellen:

- 1) Wéi vill diagnostizéiert Fäll sinn der Santé momentan hei zu Lëtzebuerg bekannt? Wéi ass d'Verdeelung an deene verschiddenen Altersklassen (<18 Joer, 18-60, >60 Joer)?
- 2) Huet d'Santédirektioun en Aktiounsplang, wann et zu engem gréisseren Ausbroch z.B. an enger Schoul oder engem Altersheem sollt kommen? Wann net, ass d'Festleeë vu sou engem Plang am Fall vun héichustiechende Krankheeten an engem zukünftege Gesetzesprojet virgesinn?
- 3) Wéi ass momentan zu Lëtzebuerg d'Impfquot a Bezuch op dës Impfung bei Kanner a Jugendlecher?
- 4) Ginn automatesch Rappeller vun der Santé oder vun den Dokteren un d'Leit geschéckt, datt eng Oprëschnung fälleg ass?
- 5) Falls et keng automatesch Rappeller gëtt, gesäit d'Regierung am Kader vun der Digitaliséierung an Zukunft eppes an deem Sënn vir?
- 6) Si Sensibiliséierungscampagnë virgesinn, fir op déi uewe genannte Krankheeten an hir Impfung reegelméisseg opmierksam ze maachen?

Mat déiwem Respekt,

Alexandra Schoos
Deputéiert